

déi Lénk

Ried vum Marc Baum (déi Lénk) de 5. Mee 2020 zur Wirtschaftspolitik no der Corona-Kris.

Här Prääsident, dir Dammen an dir Hären,

Kënnt dir iech nach erënnere virun enger Dose Joren, no der leschter grousser Wirtschaftskris. Do hunn net déi misste bezuelen, déi se ausgeléist hunn. Grad am Contraire : déi Finanzjongleuren op der Wallstreet an op den anere Finanzplazen, déi mat hirer institutionaliséierter Profitgier Milliounen vu Leit op der ganzer Welt an d'Aarmut geridden hunn, konnten sech duerno nach eng gëllen Nues verdéngen. Déi déi hu misse bezuelen, dat waren déi schaffend Leit an déi Pensionéiert, déi sozio-ekonomesch schwach Populatiounen an d'Mëttelschichten. Sie hu misste riicht stoe fir eng Kris déi si net verursaacht hunn. An et huet och wéi gedoen deemools.

Deemools hunn déi ordoliberalen Spuermeeschter am Ecofin ganz Europa e rigouréisen Austeritéitsprogramm veruerdent. Si hunn demokratesch Regierungen quasi ënner Tutelle gestallt, mat ënnert anerem genee deenen Instrumenter déi mer haut hei diskutéieren, dem *Programme de stabilité et de croissance* an dem *Plan national de réforme*. D'Resultat vun där geckeger Spuerpolitik war deemools eng unhalend ekonomesch Stagnatioun, voire souguer Rezessioun, Rekordarbeitslosigkeit a sëllege Länner, Milliounen vu Famillje sinn ënnert d'Aarmutsgrenz gerutscht a wichteg staatlech Servicer sinn zerschloe ginn.

De Karl Marx huet scho virun enger Zäitche gesot, dass all weltgeschichtlech Evenementer sech zwee Mol widderhuelen, dëst an Uleenung un den Hegel. An et huet bäigefügt : eng Kéier als Tragedie an eng zweete Kéier als Farce. Ech ka just hoffen, dass sech dës Kris an d'Reaktioun dorobber net als Farce erausstellt. Well wann no deem heite Schock nach eng Kéier e jorelaange Spuerprogramm imposéiert gëtt, da wäerten déi politesch Konsequenzen net méi ze maîtriséieren sinn. Oder fir et op gutt Lëtzebuergesch ze soen : da wäert et um ale Kontinent rabelen.

Well d'Austeritéit déi deemools veruerdent ginn ass, déi huet sech als déidlech erweisen. Am Zäitraum vun 2011 bis 2018 huet d'Europäesch Kommissioun - an deem Exercice dee mer elo hie maachen, nämlech an der Diskussioun ronderëm de Stabilitéits- a Wuesstempakt - insgesamt 63 mol Recommendatiounen u Länner ginn, fir hir Gesondheetskäschten erof ze fueren, respektiv d'Gesondheetsservicer ze privatiséieren. D'Resultat gesi mer an Italien, d'Resultat gesi mer a Spuenien, wat dat bedeit, wann een de Staat just nach op seng Käraufgabe wëll reduzéieren, wéi d'ADR dat virdrunner hei proposéiert huet.

De Neoliberalismus ass eng Eebunnsstrooss déi endlech op de Dreckstipp vun der Geschichte gehéiert. D'Schimär vum schlanke Staat ass vum Virus endgültig entlarvt ginn. A wien nach net dovunner geheelt ass, dee brauch just kucken ze goen, wat am Moment grad déi aner Säit vum Atlantik lass ass.

Wat mer elo brauchen a ganz Europa si Politiker, déi de Courage hunn ëmzedenken. Déi amplaz makroekonomesch Donnéeën an Triple-A erëm de Mënsch an seng Ëmwelt an de Mëttelpunkt stellen. Jo, dat wäert Geld kaschten a nee, mir kënnen eis natierlech net onendlech verschëlden. Mä mir kënnen des Kéier d'Suen do siche goen, wou se sinn.

Här Präsident,

D'Regierung huet virun e puer Deeg Zuelen op den Dësch geluecht, wat des sanitär Kris de Staatsbudget wäert kaschten.

Mir hu Verständnis dofir, dass een an dëser volatiller Situatioun keng fiabel Donnée kann op den Dësch leeën. Trotz de luewenswäerten Ustrengunge vum Statec ass aktuell all Budgetsprojektioun e Bléck an d'Kristallkugel. An dat ass virdrunner och scho gesot ginn. Dofir ass et fir eis elo müsseg iwwert des Zuelen ze streiden, well se weder ze verifizéieren nach ze falsifizéieren sinn.

Mir huelen awer Acte vun der Deklaratioun vun der Regierung, dass déi aktuell Projektione maximalistesche a virsiichteg sinn. Dat deckt sech jo och mat der allgemenger politescher Strategie, déi dësse Finanzminister an och déi virun him stänneg applizéiert hunn. Dobäi hunn ech grad eraus héieren, dass déi lescht Finanzministeren alleguerten iergendwéi Escher Jonge sinn. Woubäi een awer soe muss, dass Esch och nach méi ze bidden huet.

Donieft ass et och keng Schan an esou enger Situatioun nei Scholden ze maachen. Well et ass lo wierklech net de Moment fir knéckeg ze sinn. Et ass elo Zäit fir an d'Zukunft z'investéieren - an d'Relance an an den Ëmbau vun eiser Gesellschaft. Et ass Zäit ze investéieren an d'Mënschen, an déi staatlech Servicer, an de Wunnengsbau, an d'Energieversuergung vu muer an de kollektiven Transport. Et ass Zäit ze investéieren an dat kollektiivt Wuelbefanne fir aus dëser Kris eng nei Chance ze maachen.

Här Präsident,

An der Preamble zum Plan national de réforme schreift d'Regierung, dass des Kris d'Geleeënheet ass, fir eis Gesellschaft nei opzestellen an en anere Wuelstandsmodell ze favoriséieren. Wann een dat liest, da gëtt een als Lénken natierlech hellhöreg. De Problem ass awer, dass an deenen 80 Säiten duerno net méi vill Neies kënnt, sou dass een d'Gefill kritt, dass déi Iwwerleeungen nach net terribel wäit fortgeschritt sinn.

Wéi ëmmer wann dës Regierung muss erklären, wat hir Gesamtstrategie ass, gëtt fir d'éischt mol de Riffkin ausgepaakt. Eng vun de Lächchen am Keller vun dëser Regierung, déi den Här Schneider, den eemolege Wirtschaftsminister, hannerlooss huet. Lächchen déi lues a lues riskéieren zu Zombien ze mutéieren. Duerno ass et dann eng Opzielung vu schonn ëmgesaten oder schonn ugekënnegte Regierungsmesuren, opbereet op eng Manéier fir der europäescher Kommissioun ze gefalen.

Och hei hu mer Versteesdemech dofir, dass d'Regierung net zu dësem Zäitpunkt e komplett neie Strategiepabeier virleeë kann. Et hätt een sech awer zumindest e puer Piste kéinten erwaarden, déi weisen, dass d'Regierung tatsächlech eppes aus dëser Kris geléiert huet an net einfach mam « business as usual » wëll weiderfueren. Sou kritt een dach awer dat battert Gefill, dass se entweder orientéierungslos ass a kee Plang huet, oder awer dass se dës sanitär Kris als eng Zort temporäre Betriffsaccident wëll klasséieren.

Ech erlabe mir dofir op dëser Plaz e puer Denkestéiss an d'Diskussioun ze geheien, wat eiser Meenung no misst an de nächste Méint geschéien : Éischtens d'Kafkraaft vun de Leit stäerken, zweetens en ambitionéierten a gezielten Investitiounsprogramm op d'Been stellen an drëttens, eng éierlech grenziwwerschreidend Kooperatioun aaleeden.

Stéchwuert Kafkraaft.

D'Regierung huet an de leschte Wochen eng ganz Rei Mesuren op de Wee bruecht fir d'Betriber ze ënnerstëtzen. Dat war generell gutt a richteg a mir hunn dat och matgestëmmt, och wa mer e puer Saachen anescht gesinn hunn. Mä des Mesuren halen ons lokal Betriber a Commercë just während der Kris iwwer Waasser, wann iwwerhaapt. Wa mer wëllen datt de Motor nom Confinement rëm uspréngt, da brauch et eng renforcéiert Demande.

Nach méi wichteg ass awer, datt et net zu enger Explosioun vun der Aarmut an de sozialen Inegalitéite kënn. Déi sozial Verbänn an d'Gewerkschafte warnen zu Recht, datt déi schonn inacceptabel héisch Aarmutszuelen hei am Land kéinten no der Kris nach Kéier spronghaft klammen. Dat muss mat alle Mëttele verhënnert ginn a genee dofir brauche mer Mesure fir d'Kafkraaft vun de niddregen a mëttleren Akommes ze stäerken.

Eng vun deene raren Ukënnegunge vun der Regierung fir no der Kris ass, datt déi geplangte Steuerreform elo awer keng Entlaaschtung soll bréngen. Genee dat wier awer elo eiser Meenung no néideg néideg, vläicht esouguer méi néideg wéi virdrun, datt déi niddreg a mëttel Akommes entlaascht ginn. Wann den Här Finanzminister Suergen huet, datt den Defizit kéint derapéieren, da muss en ebe gläichzäiteg déi grouss Fortunen a ganz héisch Revenuë méi an d'Verantwortung zéien.

Kafkraaft stäerken heescht och ëmmer eng besser Verdeelung vun deem geschaaft Rächtum, deen an eisem Land erwirtschaft gëtt.

De Revis muss gehéicht ginn, d'Familljenzoulage muss en e Sprong maachen an un den Index ugepasst ginn - genee wéi iwwregens d'Steiertabell - a mir musse seriö Mesuren huele fir d'Loyeren ze begrenzen.

An natierlech muss an engem zweeten Ulaf, wann d'Situatioun sech stabiliséiert huet, och de Mindestloun substantiell gehéicht ginn. Ganz vill vun deene Leit, déi während dem Confinement d'Land um Rulle gehalen hunn - vill vun hinne Fraen d'ailleurs - verdénge just de Mindestloun oder eppes knapps iwwert dem Mindestloun. Déi Unerkennung déi des Beruffer an de leschte Woche kritt hunn, ass natierlech eng gutt Saach. Mä dat hieft se net iwwert d'Aarmutsgrenz. Ech kann nëmme hoffen, datt déi Unerkennung d'Kris iwverlieft an datt d'Regierung dese Mënschen dann och dee Loun zougesteet, deen se verdéngt hunn.

Stéchwuert Investitiounsprogramm

Jo, d'Regierung huet an de leschte Joer vill investéiert an huet och wëlles dee Niveau bäizebehalen. Just mussen déi Investitiounen och do gemaach gi wou se néideg sinn.

Fir eis ass ee kruziale Beräich ëmmer nees erëm de Logement. Mir brauchen en risege Bauprogramm fir öffentlech Mietwunnege mat dezente Loyerspräisser. De Staat muss an deem Beräich eng dominant Stellung um Maart kréien. A natierlech muss d'Spekulatioun bekämpft ginn d'Rechter vun de Locataire gestäerkt ginn. Nëmme da kréie mer de Problem an de Grëff.

Mir brauchen awer natierlech och frësch Investitiounen an de Gesondheetssystem. An e Gesondheetssystem ass näischt Abstraktes, mä gëtt zu engem ganz groussen Deel gedroe vun deene Mënschen, déi an him schaffen. Dat heescht mir mussen d'Aarbechtskonditiounen vun

deene Leit verbessern an domadder och déi Beruffer erëm méi attraktiv maachen. A mir brauchen Investitiounen an déi öffentlech Servicer generell, dorënner natierlech och an d'Schoulen an an d'Betreiungsstrukturen. A mir brauchen drëttens cibléiert Investitiounen an de Beräicher Energietransitioun, Klimaschutz, öffentlechen Transport an nohalteg Landwirtschaft. Net als Mogelpackung, wéi mer dat am Budget 2020 präsentéiert kruten, mä als éierlech Zukunftsinvestitiounen.

Stéchwuert grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht

Ganz vill Regierungsmemberen hunn sech zu Recht an de leschte Wochen opgereegt iwwert déi national Egoismen an Europa. Dorënner och de Premierminister, dee virun e puer Méint nach selwer relativ erofloossend gemengt huet, mir wéilten dach net fir d'Chrëschtagsbeliichtung zu Metz bezuelen. Déi essentiell grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht op esou eppes ze reduzéieren, dat huet eis Partner déi aner Säit zolidd virun de Kapp gestouss.

Grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht ass kee *Sens Unique*. An et gëtt se och net zum Nulltarif. D'Groussregioun kann a soll zu engem Labor ginn, wéi mer d'Grenze kënnen iwwerwannen an déi demokratesch Zesummenaarbecht tëschent de Populatiounen op en aneren Niveau hiewen. Mä dofir mussen och mir hei zu Lëtzebuerg déi national Egoismen iwwerwannen an déi Kollaboratioun éierlech an op Aenhéicht mat eisen Nopere féieren.

Här Präsident,

Dat wat ech elo opgezielt, dat wäert natierlech Sue kaschten an esouguer vill Suen. An natierlech stellen d'Leit dobaussen sech virun allem eng Fro : Wien soll dat alles eng Kéier bezuelen. An d'Leit fäerten, warscheinlech zu Recht, datt d'Regierung erëm nees just déi einfach Biergerinnen a Bierger zur Kees wäert bidden. Net dëst Joer, vläicht och net d'nächst Joer, mä iergendwann wäert se rëm an hir al Reflexer zrëck fannen an d'Schrauwe Schrëtt fir Schrëtt unzéien.

Mä dat ass keng Fatalitéit, et ass eng Fro vu politescher Decisioun. An et ginn Alternativen dozou an et lount sech dofir ze kämpfen. Eis Zukunft ass - nach méi wéi soss - ofhängeg vun dëser gesellschaftlecher Ausernanersetzung.

Des Kris bitt nämlech eng wichteg Méiglechkeet : Mir kënnen endlech hei zu Lëtzebuerg eng reell Steiergerechtegkeet aféieren. Eis Recette muss komplett ëmgebaut ginn, déi stänneg Ëmverdeelung vun ënnen no uewe muss endlech ophalen an ëmgekéiert ginn.

Mir kënnen beim Steuer-Barème ouni Problem e puer Tranchë bäisetze fir déi Leit iwwert 200.000 Euro Joresakommes. Mir kënnen a müssen d'Kapitalrevenue méi besteieren. Mir kënnen déi grouss Patrimoine méi besteieren. Mir hu vill Sputt no uewe bei der Taxe d'Abonnement an och bei der Betriebsbesteierung. Mir kënnen endlech eng Finanztransaktionssteuer aféieren, fir déi irrational Spekulatioun ze begrenzen a Milliarden an d'Staatskeesen an Europa ze spullen. Mir kënnen d'Immobiliespekulatioun taxéieren an endlech ophale mat deenen total geckegen a sënnslose Rëschtungs Ausgaben.

Mat de richtegen Iddien an der richteger Doséierung kënnen mer nei Recette schafen a gläichzäiteg d'Leit entlaaschten. An dat och ouni den Ënnergank vun der Welt ze

provozéieren, sou wéi verschidde Kreesser, déi sech mam Status Quo gutt arrangéiert hunn, eis dat ëmmer rëm wëlle gleewen doen.

Här Prääsident,

De Virus huet eis déi elle Fratz vum Kapitalismus nach eng Kéier androcksvoll virun Ae gefouert. Do wou d'Gesondheet an aner essentiell Grondrechter zur Wuer degradéiert ginn, do stierwen d'Leit. De Staat ass net passé, wéi déi ultraliberal Fundamentalisten eis dat wëlle gleewe loossen. En ass en zentraalt an essentiell Element vum der Organisatioun vum mënschlechen Zesummeliewen.

Mir gi grad duerch eng schwéier Zäit an déi lescht Wochen hu vill vun de Leit ofverlaangt. Mä dat Ganzt däerf net ëmsoss sinn, mir muss dës Kris als Ulass huelen, e neien Ufank ze woen. Mir müssen d'Relance organiséieren an déi Relance kombinéiere mat engem Ëmbau vun eise Wirtschafts- a Gesellschaftsmodell. Mir müssen déi sozial Inegalitéite bekämpfen, Steiergerechtegkeet hierstellen an eist d'Land mat eisen Nopeschregiounen op d'Zukunft preparéieren.